déi Lénk

**Communiqué**

Lëtzebuerg, den 3. Juni 2022

**Och no den Amendementer:**

## D'Fangere wech vum Index!

Haut huet d'Regierung Ännerunge vum Tripartitesgesetz iwwert d'Indexmanipulatioun presentéiert. All Referenz op d'Joer 2024 gëtt aus dem Gesetzesprojet eraus geholl an déi oppe Froe solle wa néideg vun enger neier Tripartite diskutéiert ginn. Domadder probéieren d'Regierungsparteien zeréckzerudderen ouni hiert Gesicht ze verléieren. D'Fro, ob Tranchen entfalen, bleift weider oppen.

Mir fillen eis op e neits an eiser fundamentaler Kritik bestätegt. D'Koalitioun wollt Ufank Abrëll séier handele fir dem Patronat eng Freed ze maachen. Se huet hir Decisioun op Basis vun ze vill optimisteschen Zenarioe geholl an d'Konsequenze vun der Index-Manipulatioun net bis zum Enn duerchduecht. D'Inflatioun bléift awer weider op héijem Niveau an d'Leit riskéiere vill Kafkraaft ze verléieren. Duerch den Drock vum OGBL, déi Lénk an aneren Organisatioune krut d'Regierung elo kal Féiss.

déi Lénk bleiwe bei hirer Positioun a si weider géint all Form vu Manipulatioun vum Indexmechanismus. D'Gesetz vun der Indexmanipulatioun muss zréck gezu ginn! Mat deenen Honnerte Milliounen Euro, déi de Staat doduerch géif aspueren, kéint ee souwuel de vulnerabele Stéit, wéi och deenen Entreprisen, déi wierklech betraff sinn, gezielt duerch dës Kris hëllefen, amplaz dem ganze Patronat eng Tournée générale ze spendéieren.

All Manipulatioun vum Index ass ee strukturellen Ugrëff op de Mechanismus, deen duerch säin Automatismus definéiert ass. Wann een den Index manipuléiert, sief dat just e bëssen, da stellt een de ganze Mechanismus a Fro.

Also : d'Fangere wech vum Index!

Matgedeelt vun déi Lénk.